

Lëtzebuerg, de 15. Dezember 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit,  
bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm  
Kulturministesch weiderzeleeden:

*„Op der Nordbastioun vum Veianer Schlass si virun etleche  
Woche Steng erofgefall. Dës Mauer misst effektiv stabiliséiert gi  
fir ze vermeiden, datt sech eng Situatioun wéi zu Beefort ergëtt.*

*An deem Zesammenhang wollt ech der Madamm Kulturministesch  
folgend Froe stellen:*

- 1. Ass de Service des Sites et Monuments schonn iwwer dëse  
Problem informéiert ginn? Wa jo, zu wat fir enge  
Konklusioun sinn d'Spezialiste komm?*
- 2. Gëtt den Zoustand vum Mauerwierk vum Schlass a  
besonnesch vun der Rankmauer  
reegelméisseg iwwerpréift? Wa jo, wat fir Feststellunge  
konnte rezent gemaach ginn? Gëtt et eventuell aner  
Stabilitéitsproblemer?*
- 3. Sinn d'Aarbechte schonn ausgeschriwwe ginn?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER  
Deputéiert/en

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu



**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 5394 vum 15. Dezember 2021 vum Här Deputéierten André Bauler**

Weder de Service des sites et monuments nationaux (SSMN), nach d'Verieder vum Veianer Schlass kënne bestätegen, dass viru Woche Steng aus der Mauer vum Nordbastioun vum Veianer Schlass gefall sinn.

Den Zoustand vum Mauerwierk vum Schlass gëtt reegelméisseg vum SSMN iwwerpréift a wann Aarbechten ustinn da gi se ausgefouert. Am Hierscht 2021 goufen di lescht Stabilisatiounsarbechten um Mauerwierk vum Schlass realiséiert. Wéinst der Iwwerwaachung vun de Maueren gouf virun e puer Méint e Laserscan an eng Drohnendokumentatioun vun engem Ingenieurbüro gemaach. Déi Donnéeë ginn an de nächste Wochen ausgewäert fir d'Prioritéite kënne festzeleeën an eventuell Beräicher duerch punktuell Aarbechten ze sécheren.

De Nordbastioun ass en Deel vun de Maueren fir déi vun 2022 bis 2026 Aarbechte budgetiséiert a virgesi sinn.

Lëtzebuerg, de 7. Januar 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson